



N° 7769
Entrée le 14.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 15.03.2023

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/03/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Famill an Integratioun & Aarbecht weiderzeleeden.

Den 1ten August 2019 ass ee Gesetz a Kraaft getrueden, mat deem eng "activité d'assistance" agefouert gouf. Dës *Activité d'assistance* soll Mënsche mat enger Behënnerung oder déi sech an engem externe Reklassement befannen, zegutt kommen. D'Moosnam huet d'Zil

"d'encadrer et de promouvoir l'inclusion des salariés handicapés et des salariés en reclassement externe sur le marché du travail ordinaire par un accompagnement adapté aux besoins du salarié handicapé [...]".

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Persounen hunn zënter der Aféierung vum Gesetz eng Demande fir eng *Activité d'assistance* gemaach?
Wéi vill Demanden goufen accordéiert?
2. Wéi vill Persounen, déi eng *Activité d'Assistance* accordéiert kruten, hunn hieren Aarbechtsposten bis haut behalen?
3. Wéi eng Informatiounscampagnë goufe vum Ministère iwwert d'*Activité d'Assistance* geschalt an op wéi enge Medien ass dëst geschitt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten



www.piraten.lu